LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

LYCÉE
**MICHEL-RODANGE**
LUXEMBOURG



# LËTZEBUERGESCH NO DER 4e:

## NEI OFFER AM LYCÉE MICHEL-RODANGE





## LËTZEBUERGESCH NO DER 4$^{e}$

**Du interesséiers dech fir d'Lëtzebuerger Sprooch? Fir d'Literatur op Lëtzebuergesch? Fir d'Geschicht vum Land? Du kéints dir och nach virstellen, Lëtzebuergeschcoursen ze ginn? Dann huet de Lycée Michel-Rodange elo genee dat Richtegt fir dech. Fir un dat neit Fach Lëtzebuergesch op der 4$^{e}$ unzeknäppen, gëtt am Lycée Michel-Rodange eng nei Offer am Beräich vum Lëtzebuergeschen agefouert.**

| **Sektioun A Lëtzebuergesch vun 3$^{e}$ bis 1$^{re}$** | **Sektioune B, C, D, E, F a G vun 3$^{e}$ bis 1$^{re}$** |
|---|---|
| Lëtzebuergesch kann als 4. Sprooch op der Sektioun A gewielt ginn, alternativ zum Spueneschen oder Italieeneschen. | Lëtzebuergesch kann als zousätzlech Sprooch gewielt ginn. |
| De Cours huet dräi Stonnen d'Woch op 3$^{e}$ a fënnef Stonnen op 2$^{e}$ a 1$^{re}$. | De Cours huet dräi Stonnen d'Woch vun 3$^{e}$ bis 1$^{re}$. En ersetzt op 3$^{e}$ den Optiounscours an op 2$^{e}$ a 1$^{re}$ Däitsch oder Franséisch. |

**De Programm ass breetgefächert:**

- **Literatur**

D'Lëtzebuerger Sprooch vun haut an d'Méisproochegkeet vum Land hu sech entwéckelt mat der Geschicht vu Lëtzebuerg a mat der Literatur. D'Lëtzebuerger Sprooch huet vill verstoppte Pärelen an Eegenheeten, déi an de Coursen ze entdecke sinn.

- **Linguistik & Orthografie**

D'Lëtzebuerger Sprooch gëtt beschriwwen an erkläert, hire Fonctionnement, mee och hir Roll an der Gesellschaft. Donieft kritt een am Cours déi néideg Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie a Grammaire vermëttelt.

Als Schüler vun der A-Sektioun an als Schüler vun de Sektioune B-G kriss de d'Méiglechkeet, wärend deenen 3 Joer den "Zertifkat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur" ze maachen. Nieft dem normale Lëtzebuergeschcours muss de dofir am Kader vun der Optioun op der 2e de Module Didaktik mat Succès ofschléissen. Mam ZLSK kriss de d'Méiglechkeet, fir Lëtzebuerger Sproochecoursen an der Erwuessenebildung bei de Gemengen oder am konventionéierte Secteur ze halen an der nieft dengem Studium eppes dobäizeverdéngen a wichteg Praxiserfarung ze sammelen.

De Premièresdiplom op der A-Sektioun Lëtzebuergesch stellt eng gutt Virbereedung op d'Beruffsliewen duer a bitt gläichzäiteg ideal Virausseztung fir weiderzestudéieren, ganz besonnesch an de Geeschtes- an an de Sozialwëssenschaften (Germanistik, Romanistik, Engleschstudien, Pedagogik etc.).

**Den 24.03.22 / 16:00 Auer ass eng TEAMS-Reunioun iwwer déi nei Lëtzebuergesch-Offer am Lycée Michel-Rodange an d'Méiglechkeeten, déi domat no der Première opstinn. Do kriss de weider Erklärungen a kanns ënnert anerem den zoustännegen Enseignantë Froe stellen.**

**Mell dech elo op der E-Mail-Adress lëtzebuergesch@men.lu un.**

## LËTZE-BUERGESCH NO DER 4$^{e}$:

Lycée Michel-Rodange

2022-2023

Accès / Zugang

No der 4$^{e}$